# Interview mam Andy Schleck (Präsident vum Škoda Tour de Luxembourg) iwwer d'Eenzelzäitfuere vum 20. September

E Samschden, den 20. September, fënnt an der Gemeng Nidderaanwen – an Zesummenaarbecht mat den Nopeschgemenge vu Jonglënster a Betzder – d'Eenzelzäitfuere vum Škoda Tour de Luxembourg statt. Am Virfeld vun dësem sportleche Groussevent hu mir mam fréieren Tour de France-Gewënner an haitegem President vun der gréisster Lëtzebuerger Véloscourse geschwat.

**Mam Eenzelzäitfuere vum Škoda Tour de Luxembourg organiséiert d'Gemeng Nidderaanwen fir déi éischte Kéier iwwerhaapt esou e grousst sportlecht Evenement mat. Wuel war Nidderaanwen an de Joren 1996 an 1997 scho mol „ville de départ", mee wat erwaart d'Awunner an d'Spectateuren den 20. September mam Eenzelzäitfueren?**



v.l.n.r. : Christophe Junker (Coordinateur sportif) & Andy Schleck

Andy Schleck: Nidderaanwen ass jo keen ongeschriwwent Blat bei eis, ë.a. och wéinst der Organisatioun vu Jugendcoursen wéi dem „Critérium européen des jeunes". De Wëlle war jo scho laang do, fir esou eppes z'organiséieren, mee kontraktuell ware mir leider gebonnen. Lo huet de Škoda Tour de Luxembourg eng Envergure ugeholl, déi net méi déi selwecht ass, wéi nach viru 5–6 Joren. A lo gi mir aktiv dohin, wou mir och kënnen een „return on invest" bidden. Geet ee mol vun deem „Klasseschen" eraus, wou een d'Biller vun där Gemeng oder där Regioun duerch d'ganzt Welt gesäit, mee wou een och d'Awunner aktiv mat implizéiert. Mëttlerweil ass de Škoda Tour dat gréisste sportlecht Event, wat ee mam Vëlo huet. Den Tour de France ass z. B. dëst Joer 3,5 Milliarde mol gekuckt ginn duerch déi ganz Welt. De Vëlosport hëlt ëmmer méi u Popularitéit zou an et gëtt vill gemaach fir méi interaktiv ze si mat deene Jonken. Fir eis ass et wichteg, dass mir eng Gemeng hunn, déi wëll, dass mir kommen an déi aus deem Dag e grousst Fest wëll maachen.

**De Škoda Tour de Luxembourg beweegt sech ëmmer méi Richtung héchste Weltniveau, wat bedeit dat a Punkto Organisatioun?**

Andy Schleck: Am Vëlosport ass dat e bësse schwéier z'erklären. Mee mir sinn op engem ganz héijen Niveau. Hëlt een d'World Tour-Coursen eraus, dann si mir direkt do hannendrun. Weltwäit ginn et op eisem Niveau keng aner 20 Coursen ewéi eis. An och e Sender ewéi Eurosport iwwerdréit eis Course net, fir eis e Gefalen ze maachen, mee well et d'Leit interesséiert, wien do fiert a wat do geschitt. Mir wëllen nach besser ginn, a firwat net, an e puer Joer an de World Tour-Circuit eragoen.

**Am Fall vun der Gemeng Nidderaanwen, ass d'Situatioun den 20. September bësse méi speziell, well et sech ëm een Eenzelzäitfueren handelt. Do sinn natierlech och d'Awunner méi gebonnen. Wéi een Appell kann een do lancéieren?**

Andy Schleck: En Eenzelzäitfueren ass oft scho bëssen en Highlight vum Škoda Tour de Luxembourg. Ech lueden d'Leit häerzlech an, sech dat Spektakel ukucken ze kommen. A well och jidderee scho méi laang weess, dass mir deen Dag do sinn, fir sech mat Zäiten z'organiséieren. Wou een z. B. säin Auto hi stellt, ouni deen Dag selwer an d'Konfrontatioun zur Course mussen ze goen. Duerfir ass d'Kommunikatioun tëscht den

Organisateuren, der Gemeng an den Awunner och wichteg. Et wäert ëmmer Leit ginn, déi onzefridde wäerte sinn, mee och déi invitéiere mir, sech deen Dag d'Course unzekucken a Versteesdemech ze hunn.

**Wéi war d'Zesummenaarbecht mat der Gemeng Nidderaanwen an deem Sënn an de leschten 12 Méint?**

Andy Schleck: Bei engem Eenzelzäitfuere muss d'Zesummenaarbecht ganz gutt sinn, gutt funktionéieren. Well vill méi Detailer ze kläre sinn, ewéi z. B. bei enger normaler Arrivée. Dat Ganzt huet eng aner Envergure. Mir musse ganz streng si mat de Stroossespären, well mir spille mam Liewe vun de Leit, mat de Liewe vun de Coureuren. Ech muss awer och soen, dass, wann d'Diskussioune mat jidderengem sou einfach wieren, ewéi mat der Gemeng Nidderaanwen, da wär eist Liewen als Organisateur och vill méi einfach.

**De sportleche Volet däerf awer och net vergiess ginn. D'Eenzelzäitfueren ass gutt 26 km laang, dëst iwwer dräi Gemengen verdeelt mat och e puer Héichtemeter; et ass deemno een usprochsvolle Circuit. Wéi een Afloss kann dëse Circuit op den Ausgang vun der Editioun 2025 hunn?**

Andy Schleck: Mir wollte méi e laangt Eenzelzäitfueren hunn. Mir hu 15 bis 20 km virgeschwieft. A wéi mir dunn op der Plaz waren, hu mir festgestallt, dass een och roueg nach bësse méi ka maachen. Wann et dreschen ass, rechne mir mat enger Moyenne vun 52, 53 oder 54 Stonnekilometer, also mat enger gudder hallwer Stonn Vollgas fir d'Coureuren. An dat kann dëst Joer den entscheedenden Punkt sinn. Mir kucken natierlech och, wéi eng Etapp, wéi eng Etappen hu mir virdrun an duerno. Dat ass alles iwwerluecht a muss Sënn maachen. D'Freides-Etapp op Veinen ass schwéier, mee d'Etapp zu Nidderaanwen kann den Ausschlag maachen.

**Looss eis w.e.g. och nach op däi Personnage agoen. Du bass ë. a. Gewënner vum Tour de France, wars ee vun den allerbeschte Profifuerer op der Welt a lo bass du säit e puer Joer President vum Škoda Tour de Luxembourg a stees fir de Renouveau vun dëser Course. Wat sinn déi grouss Ënnerscheeder fir dech vun deemools zu haut?**




Andy Schleck: Ech hunn alles matgemaach am Vëlosport. Vum jonke Coureur, dee mat Ambitiounen an z. B. een Tour de Luxembourg eragaangen ass. Iwwer de Profi, deen Etappen am Tour de France gewonnen huet an deen dunn zimmlech jonk an d'Retraite gaangen ass an dunn och dat Geschäftlecht gesinn huet. Iwwer lo och meng Fonctioun am Tour de France, mat der Gaaschtfrëndlechkeet an enger Iwwersiicht, wat gefrot a gefuerdert gëtt, ouni awer de sportlechen Deel ze vergiessen. Well d'Sécherheet vum Coureur geet ëmmer vir an déi vum Spectateur och. Ech hunn déi Show jorelaang matgemaach a ka meng Erfarung lo do mat abréngen.

**Ofschléissend, wat wënsche mir eis fir den 20. September?**

Andy Schleck: Ech fänken u mat guddem Wierder, well de Vëlosport gëtt net an engem Stadion oder enger Hal gespillt. A Versteesdemech vun de Leit, an dass si stolz sinn, dëst Evenement an hirer Gemeng ze hunn. A fir de Rescht, dass mir alleguer sécher doduerch kommen.